PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

D'Etüd "Speed Limit Enforcement and Road Safety" vum *IZA Institute of Labor Economics* an Däitschland huet gekukt, wat fir een Impakt massiv Vitesskontrolle – sougenannte Blëtzmarathonen – op déi allgemeng Stroossesécherheet hunn. En gros soen d'Fuerscher Folgendes:

> *"Using register data on the universe of police reported accidents in a generalized difference-in-differences approach, we find that SLMO reduce traffic accidents and casualties by eight percent. Yet, immediately after the SLMO day, all effects vanish. Further evidence suggests that people drive more slowly and responsibly on SLMO days to avoid fines; providing information on the dangers of speeding does not alter driving behavior in a more sustainable way." (Abstract)*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ugesiichts den Erkenntnisser vun dëser Etüd, wäerten an Zukunft weider Blëtzmarathone stattfannen? Falls jo, firwat hält de Minister un dëser Positioun fest a wéi eng wëssenschaftlech Erkenntnisser schwätze fir esou Aktiounen?

2. Wéi vill Infraktioune wéinst der Iwwerschreidung vun der Vitesslimitt goufen an de leschte 4 Joer constatéiert?

3. Wéi vill Infraktioune wéinst der Iwwerschreidung vun der Vitesslimitt goufen an de leschte véier Joer op den Deeg vun deenen eenzele Blëtzmarathone constatéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange